Luxemburger Wort
Mittwoch, den 17. September 2014

## In Pace

*Erënnerungen – Gedanken – Momenter*
*Si begleeden is ëmmer. Si maachen is frou an traureg*
*Mee si loossen is Dech ni vergiessen*



Mat schwéierem Häerz deele mir den Doud mat vun isem léiwe Mann, Papp, Bopa, Monni, Schwoer an Dafpätter, dem

### Här Henri Reuter

13. 4. 1936 – 15. 9. 2014

Mann vum Julie Spang

Hien ass onerwaart gestuerwen, am Alter vun 78 Joer.

D'Begriefnis ass am enke Familljekrees.

D'Mass fir de Verstuerwenen ass en Donneschdeg, den 18. September 2014 ëm 16 Auer zu Waasserbëlleg.

Et traueren ëm hien:


seng Fra Julie Spang
säi Jong Thierry
seng Enkelkanner Emma a Lenny
d'ganz Famill an d'Frënn

Déi Leit, déi isem léiwe Verstuerwene wëlle gedenken, kënnen dat maache mat engem Don op de Kont Raiffeisen LU65 0090 0000 6040 5388 vum „Centre d'Intervention Mertert-Wasserbillig" oder op de Kont CCPL LU28 1111 2134 2323 0000 vun der „Air Rescue", mat dem Vermierk „Don Henri Reuter".

1971966.1

---

*E léiwe Mensch huet ons verloos.*



Mat grousser Trauer soe mir Äddi dem

### Här Jean Origer

enrôlé de force

6.12.1924 – 2.9.2014

Hien ass friddlech entschlof am Altersheem zu Réiden.

D'Bäisetzung vun den Äschen ass um Kierfent zu Uewerpallen een Freiden, den 19. September 2014, ëm 16 Auer. Uschléissend ass eng Mass an der Kierch.

Et traueren ëm hien:

d'Familljen Origer-Bour an Kipgen
den Här François Wagener an Madame Marianne May
an all senger aner Frënn.


Ee grousse Merci un d'Personal vum Altersheem Réiden dat sou gutt fir de Jengi gesuergt huet.

**Uewerpallen**, de 17. September 2014.

Déi Léit, déi besonnesch un de Verstuerwene wëllen denken, kënnen dat maache mat engem Don un „Home St-François Redange, Fondation François d'Assise", BCEE LU93 0019 2955 1562 6000, mam Vermierk „Don Jean Origer".

1971685.1

---



An déiwer Trauer deele mir den Doud mat vum

### Här Arsène Diederich

Witmann
vum Odette Pauly

Enrôlé de force

Hien ass gestuerwen zu Lëtzebuerg, den 12. September 2014, am Alter vun 93 Joer.

D'Begriefnis ass am engste Familljekrees.

Eng Mass gëtt gehalen an der Porkierch zu Diddeleng en Donneschden, den 18. September 2014, ëm 16.15 Auer.

D'Famill a Frënn am Trauer.

**Diddeleng**, de 17. September 2014.

1971859.1

---

*No engem Liewe voller Aarbecht,*
*huet e gudde Mënsch eis fir ëmmer verlooss.*



Mat Léift an Dankbarkeet soe mir eisem léiwe Mann, Papp, Bopa, Schwoer, Pätter, Monni a Cousin, dem

### Här Josy Huberty

Mann vum Catherine Schroeder

fir ëmmer Äddi.

Hien ass gestuerwen de 15. September 2014 am Alter vun 81 Joer.

D'Begriefnis ass en Donneschdeg, den 18. September 2014, ëm 15 Auer, duerno ass d'Mass an der Basilika zu Iechternach.

Et traueren ëm hien:

| | |
|---|---|
| seng Fra | Catherine Schroeder |
| seng Kanner: | Jean-Marie mam Benny<br>Jeannot mam Daisy a Mandy<br>Pascal a Francine mam Jill |
| seng Schwëster | Cecile Aachen-Huberty |
| d'Famill Schroeder | |
| an d'ganz Famill. | |

**Iechternach,** Hëpperdang, Léiler, Nidderkuer, Déifferdeng, Lëntgen an Harel, de 17. September 2014.

Déi Leit, déi eisem léiwe Verstuerwene besonnesch wëlle gedenken, kënnen dat maache mat engem Don un „Médecins sans Frontières", CCPL LU75 1111 0000 4848 0000 oder un d'„Lëtzebuerger Kannerduerf Miersch", CCPL LU41 1111 0000 6565 0000, mam Vermierk „Don Josy Huberty".

1971951.1

---



Traureg, awer mat vill Léift an Dankbarkeet soe mir eiser gudder onvergiesslecher Mamm, Schwéiermamm, Memé, Schwëster, Schwéiesch, Cousine, Tatta an Dafgiedel, der

### Madame Jeanny Roller

Witfra vum Nicolas Burgund

Äddi.

Si ass friddlech entschlof doheem zu Nidderkuer, den 13. September 2014, am Alter vun 88 Joer.

D'Begriefnis ass am enkste Familljekrees.

D'Mass gëtt gehalen an der Porkierch zu Nidderkuer e Freideg, den 19. September 2014, um 16 Auer.

Et traueren ëm si:

Henri-Paul a Liliane Burgund-Sinico
Martine a Gilles Kass-Burgund mam Lea an Anna
Gilles Burgund mam Patricia Migliosi
Josy † a Francine † Roller-Schmit an d'Kanner
Albertine an René Pascucci-Roller an d'Kanner
Marie Roller
Jean-Pierre † a Josette Roller-Schmit an d'Kanner
Pauline a Fernand Ferrone-Roller an hire Jong
Elise a Willy † Valerius-Burgund an d'Kanner
Agnie † anArmand † Kremer-Burgund an d'Kanner
an d'ganz Famill.

**Nidderkuer,** Zolwer, Déifferdeng, Esch-Uelzecht a Monnerech, de 17. September 2014.

Déi Leit, déi eiser léiwer Verstuerwener besonnesch wëlle gedenken, kënnen dat maache mat engem Don un „Handicap International", CCPL IBAN LU47 1111 0014 2062 0000, mam Vermierk „Don Jeanny Roller".

1971841.1

---

Luxemburger Wort

Wir sind für Ihre Traueranzeige da:
**Montag - Freitag 8 - 18 Uhr**
**(Samstag, Sonntag geschlossen)**

2, rue Christophe Plantin | L-2988 Luxembourg

oder über **www.guichet.wort.lu**

---

ANNO 1872
ECHTERNACH

D'EECHTERNOACHER STADMUSIK

trauert ëm hire langjährigen Trompettist a Comitésmember

### Jos Huberty

Jos, mir wäerten deich als engageierten Musikant a Frënd a gouder Erënnerung behalen.Daou woars ëmmer do wa Nutt oam Maan woar.

Merci fär di flott Stonnen dei mir konnten mat dir bei flotter Musik verbrëngen.

Mir drécken deiner Fra, deine Kanner an der ganzer Famill iist oprichtigst Bäileed aus.

1971968.1

---

CTF
Association Agricole

DE GAARD AN HEEM
SEKTIOUN
ECHTERNACH/BERDORF

seet sengem Éierepresident,

### Jos Huberty

mat Dankbarkeet Äddi.

Senger Famill drécke mir eist opriichtegt Bäileed aus.

1971940.1

---

D'LSAP-SEKTIOUN
IECHTERNACH-MËLLERDALL

trauert ëm de

### Jos Huberty

Säin Doud ass fir eis onerwaart komm.

De Jos war während laange Joere Comitésmember, President vun der Sektioun an och am Gemengerot fir d'LSAP-Fraktioun.

Mir verléieren ee léiwen an op ville Plazen an der Gesellschaft engagéierte Frënd, deen an Iechternach an an der Regioun sécher vill vermësst gëtt.

Mir traueren ëm hien an drécke senger Famill eist häerzlechst Bäileed aus.

Jos, du bleifs eis a beschter Erënnerung.

1971870.1

---

Stëftung
HËLLEF DOHEEM
Infoline 40 20 80
www.shd.lu